



(Assentiment)

Kann ech och dervun ausgoen, dass d'Regie-rung da frou ass doriwwer?

(Assentiment)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7106 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7106 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Wéi erwaart hu mer 60-mol Jo, keng Absten-tiounen, keen Neen. Domat ass de Projet de loi 7106 unanime ugehol.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 7125, engem Amendement zum Proto-koll vu Montreal iwwert d'Substanzen, déi d'Ozonschicht beschiedegen. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Henri Kox, deen och schonn hei ass.

6. 7125 - Projet de loi portant ap-probation de l'amendement de Ki-gali au protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à Kigali le 15 octobre 2016

Rapport de la Commission de l'Environne-ment

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Jo, Merci, Här President. Och hei e ganz kuerze Rapport. Et geet effektiv ëm den „amendement de Kigali“, deen u sech de Protokoll vu Mon-treal ergänzt. Ëm wat geet et an deem Accord vu Montreal? Et geet dorëms, fir d'Ozonschicht ze schützen. Dee Protokoll ass de 16. Septem-ber 1987 a Kraaft getrueden an huet eben als Haaptzil, fir all déi Elementer, déi d'Ozon-schicht attackéieren, ze reduzéieren.

Den Amendement vu Kigali am Ruanda gouf vun 197 Länner ratifizéiert. An et geet drëms, fir ganz kloer déi fluoréiert Kuelewaasserstoffer ze reduzéieren. Wéi eng Stoffer sinn dat? Dat sinn déi Stoffer, déi an de Killagregate ze fanne sinn, an et ass, fir déi och no an no ze re-duzéieren. An et geet drëms, dass doduerch och d'Klimagasen am Allgemengen oder d'Erhéijung vun den Temperaturen doduerch ëm 0,1 Grad bis 2050 respektiv ëm en hallwe Grad bis 2100 reduzéiert kënnen ginn.

Wichtig ass ze erwänen, dass dat hei en inter-nalen Accord ass, dass Lëtzebuerg sech awer ganz kloer engagéiert huet, fir kënnen den Entwécklungslänner, déi oft Problemer hunn, fir dat och technesch ëmzesetzen, ze hëllefen, an dass Lëtzebuerg den Accord ginn huet, en Deel vun deenen 120 Milliounen Euro, déi Lëtzebuerg an de Klimafong gëtt, ze benotzen, fir do aktiv ze hëllefen dat ëmzesetzen. Soudass dat Gesetz hei ganz wichtig och ass.

Vläicht e puer Daten nach zum Gesetz selwer. Et ass deposéiert ginn de 24. Mäerz 2017. Den Avis vum Statsrot, deen näischt dozou gesot huet, ass den 23. Mee publizéiert ginn. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn och en Avis ginn, den 28. an den 12. Mee (veuillez lire: den 12. Mee respektiv den 28. Abrëll). An ech selwer gouf den 31.

Mee 2017 als Rapporteur bestëmmt. D'Kom-missiouen huet dëse Rapport ugehol de 14. Juni 2017.

An ech ginn dervun aus, dass Der hei och eng breet Zoustëmmung zu dësem Accord wëllt ginn, an ech bréngen da gläichzäiteg den Ac-cord vun der grénger Fraktioun fir dëse wichtegen Amendement iwwert de Protocole de Montréal mat.

Merci.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Här Pre-sident, léif Frënn, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, wann een iwwer Ëmwelt heibanne schwätzt, soll een awer weinstens e puer Sekonne verweile bei Sujeten, well aner Saache ginn oft esou séier ofgemaach, mä iwwert d'Ëmwelt ass et derwäert, dass mer driwwer schwätzen!

(Brouhaha)

Ech soen dem Henri Kox Merci fir säi Rapport, léns a riets, mëndlech a schrëftlech.

Ech hunn nach e puer Bemierkungen awer zu dësem Gesetzestext. Et geet jo hei drëm, dass déi FCKWen, déi sougenannt Hydrofluorocar-bonen, duerch dëse Kigali-Amendement op der Montrealer Konferenz (veuillez lire: zum Mon-trealer Protokoll) vu '87 aus der Atmosphär erausgehol ginn. Et ass jo awer erstaunlech, dass am Joer '87 op der ganzer Welt deen Ac-cord séier fonnt ginn ass. Firwat? Ma well mer alleguerten eis bewosst ware '87, dass duerch déi Ozonschichtverdënnung iwwert dem Nord-pol Hautkriibs géif kommen. An dat betrëfft jo net nëmmen déi Leit an Afrika, mä dat betrëfft jiddwereen! An domadder ass eben dann dee-mools ganz séier deen Accord fonnt ginn. Et ass ee vun den effikassen Accorden, dee geholl ginn ass.

D'Konsequenz dervun ass déi, konnt een no-liesen, dass ee mëttlerweil ka soen, dass zwou Milliounen Mënschen an der Welt manner vun Hautkriibs befall ginn, Tendenz och da stei-gend.

Et soll och domat bedéngt ginn, dass d'Erhéi-jung vun der Atmosphärentemperatur ëm 0,5 Grad Celsius reduzéiert soll gi bis 2100, an dat an der Limitt vun 1,5 Grad Celsius nom Paräiser Klimaprotokoll.

Leider gëtt et awer och e Wermutstropfen dran. Déi Drëps ass ganz einfach, dass d'De-laien ze laang sinn. Et gëtt am Amendement vu Kigali geschwat vu bis 2040 - dat ass nach laang bis dohinner -, do gëtt versicht, dass de Verbrauch vun HFCen ëm 15% bis 20% man-ner soll sinn ewéi haut. An nach ëmmer ginn dann awer HFCen an d'Atmosphär geblosen.

Et ass och festgehal e ginn, dass déi Reduktioun vun den HFCen duerch finanziell Zouwendun-gen aus dem Fonds multilatéral bei der UNO erreecht gëtt. Eist Land bedeelegt sech och, wéi gesot, am Kader vu sengen 120-Millioun-Projet do mat drun.

Mä d'Fro awer ass déi: Wéi héich ass dann déi Enveloppe, déi mir do eraspeise genau fir dë-sen Domän, bei den Entwécklungslänner, fir esou schnell aus den HFCen erauszefannen? Mir musse jo bedenken, dass China an Indien nach monter do weiderproduzéieren!

No Aussoe vun der UNO, an dat ass dat Bat-terst dobäi, wann ech dat noliesen, flëissen nëmme 5% vun alle bereetgestallte finanzielle Mëttelen am Rame vun dëse ganze Klimawies-selen an déi afrikanesch Länner - nëmme 5%! -, wou awer deemnächst wäerten zwou Milliarde Mënsche liewen.

Dofir ass meng Fro déi: Wäer et net besser an deem heite Fall, mir géifen direkt dës Enve-loppe dann net an dat Dëppe werfen, mä au contraire un ons fënnf Zillänner ginn: Mali, Burkina Faso, Niger, Senegal an de Cap-Vert?

An eng zweet Fro, Madamm Ministesch, do hunn ech de Mëtten nogelies gehat iwwer eng Etüd aus Amerika: An deem Montrealer Accord, an deem Vertrag, an och am Kigali-Amende-ment gëtt iwwerhaapt net iwwert den Dichlor-methan geschwat. Deen ass guer net dran! An d'Wëssenschaftler soen awer, wann deen net gestoppt gëtt - et gëtt jo ëm eng Millioun erausgeblosen, Tendenz steigend -, dann diert d'Schlësse vun der Ozonschicht ëm 30 Joer verlängert ginn. Dat heescht, alles, wat mer haut maachen, fir d'HFCen erauszekréien, gëtt mat dem Dichlormethan no hanne gedréckt.

Dat gesot an déi Froe gestallt, soen ech Merci an ech bréngen och den Accord vun der CSV eran.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Oberweis. Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci Här Pre-sident. Ech wëll och dem Rapporteur Henri Kox e grouse Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun ginn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Hahn, wann ech gelift.

► **M. Max Hahn** (DP).- Ech géif mech deem uschlëssen a ginn och heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a soen dem Rapporteur och Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och fir d'Éischt e grouse Merci un den Här Kox fir säi Rapport.

Ech mengen, et ass ganz interessant, fir eng Kéier kuerz anzehalen an nach eng Kéier iwwert déi Zuelen nozedenken, déi mer hei of-fréiert kruten. Wa mer dat hei ëmsetzen - an d'ADR stëmmt et mat, well mer eis jo prinzi-piell och zum Schutz vun der Atmosphär be-kennen an et och gutt fannen, datt d'Ozon-schicht geschützt gëtt -, mä loosse mer awer emol nach eng Kéier nodenken iwwert d'Effi-kassitéit vun dësem Accord.

Hei gëtt gesot, wann en ëmgesat gëtt, also an deene beschtméigleche Konditiounen, spuer e mer oder kënnen mer verhënnere 0,1 Grad bis 2050. Dat ass awer ënnert deene Konditioune gewiescht - an dat steet och esou dran -, ier d'Amerikaner decidéiert hunn, aus dem Paräi-ser Accord erauszeklappen. Dat sinn 32% vun de Weltemissiounen am CO₂. Bei dësen Emis-siounen wäert et sech an äänleche Gréissten-uerdnungen och verhalen, soudatt mer hei schwätzen, ënnert deene beschtméigleche Konditiounen, vun engem Ennerscheed an der Temperatur bis 2050 vun 0,07 bis 0,08 Grad Celsius.

Wat ass weltwäit, wat kann dobäi de Bäitrag si vun enger Agglomeratioun wéi Lëtzebuerg, vun ongeféier 600.000 Leit, am weltwäite Vo-lume vun den Aussteiss? Do si mer bei 0,00000001 dorëmmer! Ech mengen, däers muss ee sech einfach bewosst sinn, wann een déi Zuelen hei kuckt, wat eisen Apport ass: weltwäit praktesch näischt! An den Effet vun dësem Accord op d'Erhëtzung ass och prak-tesch net méi ze moossen. En ass schonn iergendwou am Beräich vun de Klimaschwan-kungen normal, oder och vun dem lertum am Moossen, zumools wann ee weess, wéi schwaach eigentlech déi Donnéeë sinn, op déi sech dacks beruff gëtt, a wéi iwwerflächlech op verschiddene Kontinenten déi Donnéeë gesam-melt ginn an da verwäert an un d'UNO virugi ginn. Do sinn nach enorm Defiziter.

Ech mengen, dat muss een einfach wëssen, wann een dat heite beuerteelt, wat wirklech den Impakt vun esou engem Accord ass wéi deem heiten. Obscho mer näischt dergéint hunn, wéi gesot, mä et soll ee sech däers awer bewosst sinn.

Nach zwou Froen un d'Madamm Minister, wa mer scho vum Ozon schwätzen:

Mir hunn, wann d'Wieder ganz waarm ass, jo och Limitatioun e vun de Vitessen op de Stroos-sen duerch d'Ozonbelaaschtung. Mä gëtt et eng Miessung, déi wirklech den Zusammen-hang tëschent der Reduzéierung - hei am Land, schwätzen ech - vun der Vitesse op der Auto-bunn an der Reduzéierung vun der Ozonbe-laaschtung hiestellt?

Mir hunn näamlech hei am Land wahrschein-lech nach ëmmer net, an dat ass meng Fro un d'Madamm Minister, een direkte Lien tëschent den anthropogenen Ozonbelaachtungen oder Ofgasen a verschiddene Ballungszentre wéi Esch oder der Stad an de Miessstatiounen zu Beidler an zu Veianen, wou biogen, volatil Pre-curseure vum Ozon gemooss ginn, déi aller-déngs vollkommen natierlech sinn an eben och net kënnen duerch de Verkéier oder eng Limi-tatioun vum Verkéier direkt beträff ginn. Dofir, wéi effikass sinn dann eigentlech déi Vitesseli-mitten op den Autobunnen? Sinn déi wirklech an deem Sënn effikass a justifiéiert? Do wär et interessant, eng Kéier d'Positioun vun der Re-gierung ze héieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ginn et keng weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dann huet d'Madamm Ëmweltministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech hat u sech net vir,

nach eng Kéier zu dësem Projet ze schwätzen, well ech gemengt hat, dass mer eis alleguer eens wäeren hei am Haus, an ech mengen awer, dass ech richteg héieren hunn, dass jiddwereen dermat d'accord ass, dass mer eis alleguerte fir de Klimaschutz asetzen. Dat heiten ass de Ki-gali-Amendement zum Montreal-Protokoll. De Montreal-Protokoll, dee sech mam Ozon beschäftegt, dësen hei (veuillez lire: an de Ki-gali-Amendement), dee sech mat fluorizéieren-den Zäregaser beschäftegt, ass an der Dynamik vu Paräis entstanen. An zwar an der Optik, dass dat heiten e Feld ass, wou mer vu Killanlage schwätzen, déi mer schnellstméiglech re-duzéiere sollten, wou mer natierlech ënner-schiddlech Startpositiounen hunn, esou wéi mer et an anere Beräicher och hunn. Mir hunn eng jett Länner, déi eréischt un Komme sinn, wou et awer definitiv méi Besoin ginn ass, fir do Killanlagen anzesetzen, a wou mer ver-sichen, no an no eisen Job ze maachen an déi ze reduzéieren, fir dass mer awer bis 2050 eng Reduktioun vun 0,1 Grad hunn a bis 2100 vun 0,5 Grad.

Wat awer, wa mer kucken, wéi mer musse re-duzéieren, e Bäitrag ass fir de Klimaschutz. A wa mer dat heiten net gemaach hätten... Sécherlech sinn d'Europäer ëmmer méi ambi-tiéis, mä et ass en Amendement zu engem Pro-tokoll, wou mer jiddweree weltwäit mat op de Wee huelen. Dofir wëllt Lëtzebuerg jo och hël-lefen. An dofir hu mer direkt och nach zu Kigali gesot: Mir wäerten eis Responsabilitéit iwwer-huelen a sécherlech am Kader vun dësen Ak-tiounen eise Partnerlänner, an do wende mer - an dat awer als Antwort och nach op d'Fro, déi kouw - natierlech déiselwecht Kritären un, wéi mer och an der Klimafinanzéierung usetzen, well dat heiten ass Klimafinanzéierung konkret mat eise Partnerlänner um Terrain, do, wou mer och den Know-how hunn, do, wou mer den Zougang hunn, genau déi Regiounen ze ënnerstëtze mat Projeten, wéi mer hei kënnen méiglechst schnell agéieren, fir ebe grad déi fluorizéierend Zäregaser erauszekréien. Ech mengen, dat ass awer e wichtige Bäitrag, dee mer hunn.

An ech mengen awer och, dass all Mesuren, déi mer maachen, fir de Verkéier ze reduzéieren, méi flësseg ze maachen op den Autobun-nen, zum Beispill duerch eng Reduktioun vun der Vitesse méi flësseg ze maachen, wichteg sinn a manner als Aschränkung solle gesi gi wéi als Bäitrag, dee jiddweree soll leeschten, fir ebe grad déi negativ Effete vun eiem Wirtschaften an ënner anerem vun eiem Transport, deen doduerch entsteet, ze reduzéieren.

Ech mengen, dass ee sech sécherlech nach eng Kéier separat kann iwwert déi eenzel Mesuren ënnerhalen. Mir hunn elo ganz rezent d'ailleurs jo och nach eng Kéier e Loftqualitéitspro-gramm rausginn. Mir wäerten och selbst-verständlech weider doriwwer informéieren. Dir wësst et, mir informéieren ëmmer iwwer ze héich Ozonwäerten. An eng vun deene Mesu-ren, déi awer definitiv eng Fluiditéit bréngt an eng gewësse Reduktioun, ass awer d'Erofsetze vun der Vitesse op den Autobunnen. An ech mengen, dass mer do kengem op d'Féiss trëp-pelen, wa mer déi Mesure huelen, déi d'ailleurs och an anere Länner op dëser Welt als gutt emfonnt gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7125 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7125 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 60-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Mo-dert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;



MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Da froe mer déi un. An dat ass dann esou decidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwer-
goen, de Projet 7088, eng Ofännerung vum
Gesetz iwwert d'Loftverschmutzung. An
d'Wuert huet erëm de Rapporteur, den Här
Henri Kox.

7. 7088 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.-
Merci, Här President. Et schléissit u sech un dat
un, wat mer virdrun diskutéiert hunn. Hei geet
et ëm d'Gesetz vum 21. Juni 1976, wat amen-
déiert gëtt, eben, wéi gesot, iwwert d'Loft-
qualitéit. An et betrëfft haaptsächlech d'Ben-
sinner, also d'Carburanten, den Diesel wéi de
Bensinn an awer och d'Biocarburanten, wéi déi
genannt ginn. An et ass eng Applikatioun oder
Ëmsetzung vun enger Direktiv 9870/CE, déi an
dësem Gesetz verankert gëtt. An et geet an där
Direktiv haaptsächlech drëms, eben och eng
Reduktioun vun den Zäregase vun deene Car-
burante virzegesinn an dat ëm 6% bis 2020.

Déi Direktiv ass zwar schonn ëmgesat ginn,
awer an engem Règlement grand-ducal. An hei
geet et drëms, dat an dat Gesetz ze inte-
gréieren. Firwat an dat Gesetz? Ma an deem
Gesetz ginn awer heimmadder d'Sanktiounen
festgeluecht, fir wann ee sech net dorun hält.
An Dir kennt jo déi Geschicht ëm d'Biodieselen
a Biogate, ech wëll do net op déi Detailler
agoen, mä hei gëtt dat an d'Gesetz integréiert,
dass éischtens Sanktiounen kënnen gemaach
ginn. A wann ee vu Sanktiounen schwätzt,
Amenden, da muss een awer och deemjéinege
Rekursméiglechkeete ginn. An dat gëtt dann
och mat engem Amendement entspriechend
verankert.

An déi zweet Saach ass natierlech och, fir
d'Recherche, fir feststellen, ob ee sech net
drun hält, och méi breet opzemaachen, gëtt
hei adaptéiert, dass och eng Ëmweltge-
werkschaft sech deem uschlësse kann an och
ebe kloer kann, wann ee sech net dorunner
wëllt halen. An dofir ass et eng Ëmännerung
vun dem Gesetz vum 21. Juni 1976.

De Statsrot hat eng Rei vu Remarquen, ënner
anerem och eng Opposition formelle, ins-
besondere well d'Definitivitéit vun deenen
eenzelne Carburanten net eendäiteg genuch
waren. An déi sinn dann och entspriechend
agefloss, soudass mer eng zweet Navette
gemaach hunn, oder eng éischt Navette mam
Statsrot, fir eben déi Klarifikatiounen am Gesetz
festzehalen.

Déi zwou Chamberen, d'Chambre des Métiers,
mengen ech, d'Chambre des Métiers huet en
Avis ginn, an deem u sech näischt inhaltlech
zum Gesetz gemaach gouf.

D'Gesetz selwer gouf de 7. November 2016
deposéiert. Wéi gesot, de Statsrot hat eng
éischt Remarque, dofir déi Opposition formelle.
Déi hu mer do kennen änneren. De 15. Februar
2017 gouf ech als Rapporteur bestëmmt. Den
2. Avis vum Statsrot koum de 24. Abrëll 2017.
An et ass nach eng zweet Navette gemaach
ginn, effektiv, fir dat alles ze klarifiéieren, wat
de Statsrot wollt hunn. An deen ass den 13.
Juni 2017 komm. An den 21. Juni hu mer dëst
Gesetz eenheetlech, also unanime an der
Kommissioun ugeholl. An ech géif dann och
hei den Accord vu menger Fraktioun zu dëser
Gesetzesännerung bréngen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci
dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den
Här Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Här Presi-
dent, Dir Dammen an Dir Härren, Madamm
Ministesch, och elo erëm eng Kéier dem Henri
Kox Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche
Rapport.

Wéi e gesot huet, ass dëse Projet de loi erëm
eng Kéier e Stéckelche Bausteng an enger
verbesserter Ëmwelt- oder Loftqualitéit. Dat ass
ze begreifen a vun alle Bänke gëtt dat jo och
gemaach.

Mä maache mer ons awer keng Illusiounen!
D'Zuel vun de Gefierer am Verkéier wiest
bestänneg, siefen dat PKWe wéi LKWen. Hei an
och an der drëtter Welt oder an de Schwel-
lelänner, dat ass ganz kloer. Et gëtt méi
Bensinn, méi Diesel verbraucht an domadder
klammen awer weltwäit d'Emissiounen vun
Dreifhauseffekter.

Ee Véierel vun allen CO₂-Emissiounen gëtt dem
Verkéier zougeuerdnet. An de Weltklimarot
huet a sengem Paper d'lescht Joer gesot, si
schätzen eng Verdeubelung bannent 30 Joer.
Awer net nëmmen den CO₂ ass ee vun den
Dreifhausgasen, déi mer musse bekämpfen, vill
méi schlëmm ass och nach de Stéckstoff. Dat
ass zwar keen Thema heivun, ech wëll just der-
bäi verweilen, dass mer net vergiessen, dass
dat alles konnex ass am Verkéier.

Oft läit dee Wäert wäit iwwert dem Seuil vu 40
Mikrogramm pro Kubikmeter, an d'Weltge-
sondheitsorganisatioun schreift dat jo esou vir.
Si wëllt de Wäert souguer erofsetzen. An
engem rezenten Artikel konnt ech liesen, dass
d'NOx-Emissiounen vun den neien Dieselmotoren
mat der Euronorm 5 méi héich si wéi déi vun
der Euronorm 4. D'Fro ass déi: Wou ass d'Ent-
wécklung do higaangen?

De Grenzwäert läit momentan bei 80 Milli-
gramm pro Kilometer. An a Wierklechkeet,
wann ech emol heiansdo esou eng Autoszeitung
an de Grapp huelen, stellen ech fest, bis
zu 1.000 Milligramm pro Kilometer gëtt do
ausgestouss, wäit iwwert dem Seuil, deen er-
laabt ass.

Dat gesot, wollt ech awer op ee Punkt an dem
Exposé des motifs hiweisen, dee mech awer in-
terpelléiert huet. Et geet iwwert de Rekurs vun
de Biocarburanten, mat deenen d'Fournisseu-
ren d'Zil vun de 6%, déi den Henri Kox uge-
sprach huet, erreeche sollen. Et gouf heibanne
schon ëffers iwwer Biocarburante vun der
éischter an der zweeter Generatioun geschwat.
Mir waren ons deemools eens, déi éischt Gene-
ratioun kéint et jo wuel net sinn, well dat sinn
d'lesswueren an den Tank gestach, an dat
kann, wann ech déi Millenniumgoals 2030 ku-
cken, jo wuel net goen, dass mer lesswueren
huelen, fir an den Tank ze stiechen.

Awer bei der zweeter Generatioun, do ass mo-
mentan e massiivt Uklamme vun dem Uplanze
vu Palmuech. Als Konsequenz ginn et Länner
wéi Indonesien a Malaysia, do ginn et riseg
Flächen, gréisser wéi Benelux, déi ofgebrannt
ginn, ofgeholzt ginn, fir do ganz einfach Palm-
uechplanzen ze setzen. Net nëmme verléie-
ren d'Mënschen do hir Heemecht, mä och
d'Déieren, ech denken un den Orang-Utan,
dee jo op der Verléiersäit steet, hu keng
Chance méi. Den Afloss op déi regional Biodi-
versitéit hält erschreckend Moossen un. Op
eng schanterlech Aart a Weis gëtt vun de Län-
ner, déi ons hei de Wee wëlle weisen, no-
tamment der USA a China, riseg Lännereien
iwwert de Land Grabbing geholl an da ginn
d'Leit verdréiwten an dorop ginn da souge-
nannte Palmueche gesat. Mëttlerweile si mer
bei 57 Milliounen Hektar, Tendenz klammend.

A wat nach vill méi erschreckend ass, wann ee
liest, an do war, dass do Kannerarbecht ge-
maach gëtt, dass Kanner agesat ginn op de
Plantagen an d'Kanner gi bespreit mat dem
Herbicide Paraquat. Déi stierwen ons do
eweck, mä mir fueren hei monter mat Autoe
weider an hannerfroen dat net.

Et gëtt mëttlerweile scho gudd Usätz. Gott sei
Dank nëmmen huet de WWF sech elo do res-
ponsabel gezeechent an huet de ronnen Dësch
fir eng nohalteg Palmuechproduktioun age-
ruff, den RSPO.

Meng Fro dann un d'Madamm Ministesch, eng
ganz kleng Fro: Wellech Garantien hu mir dann
iwwerhaupt, dass mir hei am Land mat zertifi-
zéiertem Palmuech iwwer ons Fournisseure
beliwert ginn, déi jo ausserhalb dem Land
sinn, Rotterdam a weess Gott wou, an déi ons
de Carburant an d'Land bréngen?

De beschte Wee ass - maache mer ons näischt
vir heibannen! - de Wee iwwert déi douce Mo-
bilitéit, wa mer net méi wëlte fueren. Mä leider
gëtt nach gefuer. Mä an engem Land, wou et
700 Autoen op 1.000 Leit gëtt, ass dat a
mengen Aen e schwieregt Unterfangen.

Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen den
Accord vun der CSV an.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci
och. Dann huet d'Wuert den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Villmools Merci,
Här President. Och e grouse Merci un eise
Rapporteur Henri Kox.

Als LSAP si mer frou, dass een elo gesäit, dass jo
en Ëmschwong kënn vum Diesel op de Bensin-
ner, wat effektiv eis Ëmwelt nach vill méi
schount, an zemools mat dësem Gesetz gëtt
dat jo ënner Strof gesat. Dofir gi mer och do-
madder den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.-
Merci. Da wär et um Här Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Ech kann et och ganz
kuerz maachen. Merci dem Rapporteur an ech
ginn den Accord vun der Demokratescher Par-
tei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.-
Merci. Dann den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här Pre-
sident, villmools Merci. Och Merci un den Här
Kox fir säin, mengen ech, zweete Rapport de
Mëten.

► **Une voix**.- Drëten.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Den
drëtte schonn!

Et ass fir eis e Gesetz, wat mer gär géife mat-
stëmmen, wann et hei just ëm de Schutz vun
der Atmosphär géif goen, also ëm d'Re-
duktioun vu Schadstoffen an den Treibstoffen.
Mä déi Analys eleng gräift ze kuerz.

Et sinn eng Rei Aspekter, déi ee muss kucken.
Dat éischt ass natierlech duerch déi nei Donne
an der internationaler Klimadiskussioun. Ebe
well d'Amerikaner erausginn, stellt sech och
d'Fro vun der Kompetitivitéit am Transportse-
teur nei an notament am Lofttransport. Mir
mussen also kucken an den Diskussiounen, déi
mer an der nächster Zukunft, an den nächste
Jore féieren, wéi eng Länner sech nach zu wéi
engen Ziler eventuell engagéieren a wéi eng
Konsequenzen dat huet an deene Beräicher,
wou mir e kommerziellen internationalen Inter-
ressi hunn, fir do eng konkurrenzuel Situatioun
kennen ze erhalen.

Dat Zweet ass, et ass e ganz strengt Gesetz. An
e Reflex, dee mer ëmmer erëm feststellen, dat
ass, dass eng Tendenz besteet, zemools am Ëm-
weltberäich ganz besonnesch streng ze sinn.
Och mir sinn der Meenung, et sollt ee streng
sinn. Mä ech wëll an e puer Wieder erklären,
datt et och Grenze gëtt.

Éischtens gëtt emol hei de Code de procédure
civile an deem Sënn ëmgeännert, dass net
d'Douane soll Strofen anzeien, mä direkt den
Enregistrement. An et ass och en Automatism-
mus bei Strofen, dass ass och eppes, doriwwer
kann ee laang philosophéieren. Mä ech wëll hei
just feststellen, dass relativ héich Strofe relativ
séier automatesch verhaange ginn. Och dat ass
eppes, wat mech als Bierger a priori net be-
geeschtert.

Mä eisen Haaptproblem bei dëser Diskussioun,
wéi dacks am Ëmweltberäich, ass, dass mir als
ADR keng parallell Justiz wëllen, keng parallell
Police, kee parallele Parquet. An dat ass awer
ëmmer méi an deenen Ëmweltgesetzgebun-
gen, wou d'Bauern dacks betrëfft si mat be-
sonnesch strenge Kontrollen, wou Dag an
Nuecht kënnen Installatiounen besicht ginn,
souguer den Domizil ka besicht ginn. An de
System ass eigentlech ëmmer, dass d'Membere
vun der Administration de l'environnement de
Statut vum Officier de police judiciaire kréien,
wéi och an dësem Gesetz, wou d'Kadere vun
der Kategorie A1 an A2 dee Pouvoir kënnen
kréien. An da kënnen se Dag an Nuecht déi In-
stallatiounen besiche goen, inklusiv les locaux ré-
servés à l'habitation, den Domizil, vun hallwer
siwe moies un. Ass dat néideg?

Éischtens, wann et onbedéngt néideg ass, géif
et jo duer, wann d'Police dat géif maachen,
eventuell mat enger spezieller Formatioun an
opgrond vun engem Mandat. Musse mer all
Kéiers der Ëmweltverwaltung déi do Pouvoir
wierklech ginn? Geet net eng Police mat där
néideger Formatioun, deem néidege Personal
duer, fir dat ze maachen?

An och mam Parquet muss ee sech eng Kéier
iwwerleeën, ob mer déi Evolutioun, déi mer an
deene leschte Joren haten, fir bei den ONGen
eigentlech ëmmer zouzeloossen, fir kënnen
Plainte ze féieren, ob dat haut nach justifiéiert
ass. Fréier, a mir hunn dat och esou gesinn,
wor et vläicht wichteg, fir e gewëssenen Drock
an der Ëmweltpolitik ze maachen, well net jidd-
wereen dat eescht geholl huet. An da war et
gutt, fir och den Ëmweltschutzorganisatiounen
e gewëssene Rôle ze ginn. Haut ass dat
anescht. Haut ass dat anescht, well all politesch
Partei sech zum Ëmweltschutz bekennt, well e
groust Bewosstsinn an der Economie bei alle
Partner ass, dass dat wichteg ass, dass et muss
gemaach ginn.

An et steet am Gesetz eppes, wat interpelléiert.
De Ministère public, also de Parquet, souguer
wann en d'Totalitéit vun deenen Interesse soll
verdeedegen, déi hei am Gesetz enumeréiert
sinn - esou steet et wuertwärtlech dran, d'To-
talitéit vum Intérêt social gëtt ofgedeckt duerch
de Ministère public -, gi mer trotzdem nach
den ONGe Pouvoiren, fir kënnen Plainte ze féie-
ren. An do stellt sech d'Fro, genausou wéi mat
de Pouvoir vun de Membere vun der Adminis-
tration de l'environnement mat Polizeirechter,
ob mer dann net sollt mat engem Parquet ze-
fridde si vu Spezialisten, vu Juristen an ophalen,
fir parallell Parqueten oder parallell Institutio-
nen do anzeféieren.

Et ass eng Fro vun der Rechtsstaatlechkeet.
Well och déi ONGe si jo net ëmmer fräi vun In-
teressen. Et ass jo net esou, dass, well een eng
Ëmweltschutzorganisatioun ass, ee vun haut op
muer fräi vun Interessen, fräi vun Afflës ass an
nëmmen der gudder Saach géif déngen. Och
do gëtt et Interessen, och do gëtt et finanziell
Interessen, och do gëtt et Interessengruppen. An
et gëtt keng demokratesch Kontroll.

E Parquet muss sech weinstens géintiwwer
enger Justiz, engem Justizminister justifiéieren,
en ënnersteet deem zum Deel, dee sengersäits
vun engem Parlament kontrolléiert gëtt. Eng
Ëmweltschutzorganisatioun ënnersteet kenger
vun deene Kontrollen. An och do muss een
also ganz bewosst op d'Risiken opmierksam
maachen. Mir sinn interesséiert als ADR, dass
d'Problemer am Ëmweltschutzberäich juris-
tesch a polizeilech esou verfollegt ginn, wéi et
néideg ass, ouni iwwerdréiwwe Strenge an am
strikte Respekt viru rechtsstaatleche Strukturen.
An an dat wëlle mer eis halen. An dofir stëmme
mer dëst Gesetz net mat.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.-
Merci. A leschten ageschriwwene Riedner ass
den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här
President. Bon, d'Gesetzesännerung vun haut
betrëfft déi 6%eg Verbesserung vun der Spritt-
qualitéit. Déi kritt elo Gesetzeskraaft an et sinn
Amendé virgesinn, déi e Fournisseur bei engem
Verstouss géint déi Oplagen an Zukunft be-
zuele muss. Iwwert d'Héicht vun der Amende
kéint sech natierlech diskutéiere loosse. Mä
am Kader vun der Direktiv iwwert d'Qualitéit
vum Spritt, déi hei ganz einfach an d'national
Gesetzgebung transposéiert gëtt, verstoppt
sech awer och eng vill méi prinzipiell Diskus-
sioun.

Éischtens stellt sech d'Fro vum Stellwäert vum
Agrospritt, dee fir d'Erreche vun dësem
6%egen Zil bei anere Spritt ka bäigemëscht
ginn. Ech mengen, den Här Oberweis ass vir-
dru ganz gudd dorobber agaangen. De grou-
sen Deel vun deem Agrospritt kann näamlech
weiderhin aus Planze kommen, déi eigentlech
primär fir d'mënschlech Nutritioun kultivéiert
ginn. A mir wësse jo och ganz genee, dass
duerch dëse Verdrängungseffekt d'Produktioun
vun lesswueren weltwäit méi kleng gëtt an
d'Präisser klammen. D'Resultater vun dëser Po-
litik kennen mer: Ënnerernäerung an Hongers-
néit, groust mënschlecht Leed, dat oft zum
Doud oder zur Flucht féiert.

Dernieft weise vill Etüden och, dass duerch
d'Ännerung vun der Buedemnotzung, duerch
d'Ofholzung vu Bëscher, d'Entstoe vu Mono-
kulturen a schlecht Buedemwirtschaft d'CO₂-
Emissiounen tendenziell méi héich sinn, wéi wa
mer keen Agrospritt géifen hierstellen.

Ech ka mech nach erënneren als Journalist viru
bal zéng Joer elo, a Brasilien esou eng Fabrik vi-
sitéiert ze hunn, wou Bioethanol produzéiert
gouf. An do konnt ee sech als Journalist net
mat Employéen einfach esou ënnerhalen,
nëmme mat deenen, déi vun der Direktioun se-
lektionéiert goufen. Dat si ganz fei Betriber.
Also niewebäi gesot: Heiansdo wann et ëm
Geld geet, da verschwénnt d'Meenungsfräi-
heet an d'Fräiheet vun de Journaliste ganz
schnell. Dat däerf een och net vergiessen. Soit!
- Kleng Klammer.

Zweetens stellt sech d'Fro vun der Berechnung
vun der CO₂-Intensitéit vu verschiddenen Ener-
gieträger. An d'Antwort drop steet net am Ge-
setz, mä am Règlement grand-ducal. An do
kann ee gesinn, dass Spritt op Basis zum Beispill
vun de Schistes bitumineux oder eben dem
Sanduech déiselwech CO₂-Intensitéit zouge-
rechnet kritt wéi de konventionelle Pétrol. Dat
dierft awer net sinn, well d'CO₂-Intensitéit vun
Energie op Basis vu Sanduech ëm 50% méi
héich läit wéi beim Pétrol. An derbäi kënn och
nach den CO₂-Ausstouss aus der Extraktioun vu
Sanduech och dem Schistegase, dee verhält-
nisméisseg nach vill méi héich läit.

Geneesou gëtt et grouss Ënnerscheeder duerch
d'Hierkonft vun der fossill Energie a wéi se op
der Plaz extrahéiert gëtt. Och deem gëtt guer
net Rechnung gedroen. Anstatt also derfir ze